N°4122
Entrée le 21.05.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.05.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/05/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Justiz weiderzeleeden.**

Wéi ee WORT-Artikel vum 13te Mee beriicht, hunn onbekannt Täter um Schëff „De klénge Prënz“ zu Réimech muttwëlleg Schied verursaacht an Deeler vum Inventaire an d'Musel geheit.

Dëst kënnt zu enger Entwécklung dobäi, op déi ech schonn a menger parlamentarescher Fro n°2896 higewisen hat, nämlech d'Gefill vu wuessender Onsécherheet an de Musel-Grenzgemengen. An de leschte Méint goufen et zu Réimech nees verschidde Fäll vu Vandalismus, Abréch an aner Inzidenter am ëffentleche Raum.

Vill Awunner stelle sech dofir d'Fro, ob d'Situatioun zu Réimech sech weider verschlechtert an ob déi aktuell Mëttel duer ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. 1. Wéi huet sech d'Zuel vun den Delikter zu Réimech zënter 2022 entwéckelt, notamment bei:
    - Abréch,
    - Vandalismus,
    - Kierperverletzungen,
    - Volen,
    - Drogendelikter?
2. Wéi bewäerten d'Police- a Justizautoritéiten d'Sécherheetssituatioun zu Réimech am Verglach mat anere Grenzgemengen?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

3. Goufen zousätzlech Policekontrollen, Präventiounsmesuren oder aner konkret Mesurë fir Réimech an d'Muselregioun decidéiert oder geplangt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten